

Rondrëm eis Nationalitéit vum Lex Roth

... gëtt et e ganze Koup Weeër, fir sech Gedanken ze maachen, leider och heinsdo deer iwwehieflecher. Hei laatscht dann iergend e frustréierten Zyniker an ausgetraatschte Schinnen, z. B. wann hien als Journalist, also ëffentlech, praktesch den Uz mam Premier Jean-Claude Juncker mécht, well deen sech éierlech fir d'Situatioun vun eiser Sprooch am Gesetz iwweh eis Nationalitéit asetzt, dat jo elo 'zeideg' ass. Dee gestanzte Spunnes kënn dann och nach op engem Sender, deen – op d'Käschte vum Steuerbezueler – do ass, **fir neutral ze informéieren**, net fir äis mat bëssegen, uzegen, ongefrote Commentairen op de 'Steier-€uro' ze goen. D'Kritizéieren, d'Contrariéieren, d'Knadderen an d'Grommelen, dat ass ouni Kéier a Krëmmel déi héich Missioun vun eiser privater geschriwwener a geschwate Press, net déi vu quasi Staatsbeamten! Mat der 'Pressefräiheet' soll do kee gefuer kommen; déi respektéiere mir 100 % fir eis 'kommerziell' Press... ower net fir jidfer arrogant Gebretz vu selwerernannten 'Intellektuellen', déi 100 % vum Staatsbudget ënnerhal ginn.



(BILD: OLIVIER JAMINON)

Riichter aus a klor: **Eis Nationalitéit ass esouvill 'wert' wéi jidfer aner vun engem demokratesche Staat**, deen dësen 'Titel' verdéngt. Wien se gär hätt, dee muss ower och déi Conditionen erfëllen, déi eist Vollek iwweh seng fräi bestëmmte Vertrieeder festleet, basta! Dat ass am Frankräich, an Däitschland, an den USA an 'zeg' anere fräie Länner dach net anescht.

Datt bei deene 'kritesche' Geeschtercher dann och nach all Kéier de Schluss-Vers vum 'Feierwon' muss duerhalen – **'Mir wëlle bleiwe wat mir sinn', ower verdréint als 'mir genge mengen, watwonesch mir da wieren'** – dat passt ewéi d'Fauscht op d'Gickelche bei déi schrecklech lëschtteg Flantëssen. **Wéini** ass dat Lidd dann entstan (d'anert Joer ginn et der 150!)? **Firwat** huet de Michel Lenz säi bekannte Refrain geschriwwen? Garantéiert net, fir ze behaupten, mir wieren déi Schéinst, déi Besch, déi hei an déi do... et ass deemools nach ëmmer ëm d'Eegestännegkeet/Onofhängegkeet vun deem kleng Grand-Duché gaang, deen 20 Joer virun (1839) op seng kleesper Bengercher komm war; e Staat, wéi kleng och ëmmer, dee sech der hei rondrëm nach 60 a méi Joeren duerno, wollten ënnert den Nol rappen. Wien haut déi Devise als 'Unzéckert' fir seng Cabarets-Nummeren néideg huet, dee soll dat roueg op enger Bühn maachen; dee weist ower och, dass hien nach net emol en Zyniker ass... héchstens en traueregen Zinnklos!

'Mir wëlle bleiwe wat mir sinn', ass a bleift eng Devise fir ze soen, dass d'Noperen (... kommt dir aus Frankräich, Belgiën, Preisen ...) äis sollen a Rou loossen, soss näischt! Mir wëlle Lëtzebuerg sinn a bleiwen; mir halen op eis souverän Existenz, am Fridde mat jidferengem; mir respektéieren allen aneren hir legitim Rechter an Intressen; mir sinn houfreg a frou, 'am grouse Krees' opgeholl ze sinn. Wien dat net kann/wëllt bekäppen, dee soll emol eng Schnauf Geschicht huelen an d'Joeren 1867 (Vertrag/London), 1919 (Referendum) – vrun allem den 10. Oktober 1941 (3x lëtzebuergesch!) – a Rou a mat Verstand iwwerdenken... wat jo iwregens och bei eis 'Bürgerkunde / instruction civique' gehéiert.

Mir kënnen äis elo driwwer zermeeschteren, wéivill Lëtzebuergesch, wéivill Geschicht oder 'instruction civique' de Kandidat fir eis Nationalitéit opgeluede soll ginn... mussen ower virun allem driwwer nodenken, wéi déi Conditionen 'a Musek' ëmgesat ginn! Do laueren d'Kniet an d'Knätzelen. Net einfach.

Huet dir e Fändel?

Éierlech: Et ass immens flott, wann een **op Sportsmanifestatiounen** ëmmer méi begeeschtert Leit mat eisem Fändel gesäit. Ob dat elo déi rout-wäiss-blo Trikolour oder de roude Léiw ass, spillt keng Haaptroll. Iwregens huet den Här Juncker sech jo (ganz 'salomonesch') mat Recht der Spezialiste-Meenung vun eiser nationaler Heraldik-Commissioun ugeschloss: déi zwéi Fändele solle 'gëllen'!

Et kann haut jo bal net méi sinn, dass een net weess, **wou e Fändel ze kafen ass... praktesch op all 'Strooseneck'**! D'Gréisst ass Niewesaach; et gëtt der fir all Portmonni.

Wa mir dann elo rëm **fir 'd'Journée de la Commémoration Nationale'** deene solle merci soen, deene mir et verdanken (10. Oktober 1941!), dass mir iwerhaapt a Fräiheet a Wuelstand liewen a respektéiert sinn... da misst dat äis dach ower op d'mannst esou léif si wéi eng super Leeschtung am 'Tour' oder e fantastesche Match vun eiser Nationaléquipe am Football! **Gitt iech 'e Stouss' a weist och hei är Bewonnerung mat eisem Fändel.** ■ P.W.

räächeren?

... eent vun deene beschte Beispiller, wéi mir eiser Sprooch dacks muttwëlles hirer typescher Ausdréck ewech pëtzen. Datt et **am Däitschen de Rauch, Rauchfang an d'Geräuchertes** gëtt, weess jiddereen, deen d'Sprooch engegermoosse kennt. Datt mir ower am Lëtzebuergesche kee 'Rauch/Raach' mä 'Damp' hunn, doru gëtt net esou watderdäiwel geduecht... et ass jo och egal, gell'dir. Mä et ass just mat esou klengen 'Dommheeten', wou mir eiser kleesperer Sprooch **d'Speis tëscht den Zillen erauspidelen**. An da fällt all gebaute Mauer an e Koup!

Bei äis geet 'zënter Uedem an Éiv' **vu 'reeze' rieds, vun enger Ham, der Zossiss, dem Speck 'am Reez(haischen)'**. Mir hunn net déi mannsten Ursach, dës Ausdréck einfach wutschen ze loossen; si ginn eiser Sprooch dee genëssege Geschmaach vun engem gereezte Maufel. Wann dat net sollt reng genuch sinn, da probéiert emol e geschméicheg gereeztent Dickelchen, gereezte Frell oder Salem... och wann 100 mol 'Räucherware' drop steet! ■ H.M.

Ceterum censeo... (24)

Wéi et schéngt huet et elo an der Commissioun **fir d'Ännerungen an eiser Constitutioun 'gelaut'**, wat eis Sprooch am Grondgesetz ugeet. Besser spéit ewéi ni... ower op eng gelunge Fassong: Den Artikel 29 soll iwweh den offizielle 'Gebrauch' vum Lëtzebuergeschen, Franséischen an Däitsche schwätzen... **et steet ower néierens, dass d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vum Land ass!** Et ass dach fir ze laachen... wann et net fir ze kräische wier. Firwat, ëmgottesbiddeswëllen?!

Wa mir an eisem Nationalitéitsgesetz streng verlaangen, dass ee fir eise Pass **muss** (an net nëmme 'offiziell') Lëtzebuergesch kënnen oder léieren, da misst dach – no deenen allerelementarste Regele vun der Logik – gesot ginn, **woufir** dat esou ass... dach just well et d'Sprooch vum Land ass! Et soll emol een äis explizéieren, firwat e klore Saz iwweh déi Situatioun an der Constitutioun mat deene koppegste Mëttele verbruet verhënnert gëtt. Mir hoffen, dass méiglechst vill Deputéierten sech déiselwecht Fro stellen, wann de Gesetzprojet an de 'Plenum' vun der Chamber kënn... an **eng 'Motioun' proposéieren**. D'Lëscht vun deenen 'engen/aneren', déi ka jo vläicht an deenen nächsten 9 Méint ganz intressant sinn; mat Parteie wëlle mir dat net verméschen. Mir verstoppen déi eenzel Nimm ower op jidfer Fall net an hunn och déi néideg Mëttelen dofir... **am Numm vun deenen, déi den 10. Oktober 1941 de Kapp fir d'Lëtzebuergesch dohinner gehal hunn!** ■ L.R.

E schlechte Witz!

Fir jidfer Schoulfach am 'Secondaire' existéiert eng 'Nationalcommissioun'. Dat ass gutt esou. Natierlech och fir d'Däitsch. Déi Commissioun si 'consultatives' a maachen dem Schoulminister Proposen; de Minister decidéiert, zesumme mat 'senge Leit'... soss keen!

D'Professere Léon Doemer, Joseph Groben a Jean-Paul Hurt – absolutt unerkannt, dichteg Fach- a Schoul-Leit – hu virun e puer Joer eng Bicher-Serie (3 Bänn) fir den Däitschunterricht ausgeschafft, déi mat deer Qualitéit hiresgläiche siche geet: **SPRACHBUCH und Arbeitsheft für den Deutschunterricht... in Luxemburg!** Et ass dat bescht Léiermaterial, wat mir op deem Gebitt bis haut haten an, wéi den Titel seet, fir **lëtzebuergesch** Sproochverhältnesser: immens vill flott Beispiller fir de Verglach tëscht dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen. Eis Sproochsituatioun kann nëmme e Lëtzebuerg jugéieren, net Leit aus Rheinland-Pfalz oder aus der Saar, och wann si bis iwweh d'Ouere 'gedoktert' sinn!

D'Germaniste-Commissioun huet dann elo beschloss, dass *Sprachbuch* aus dem Verkéier ze zéien. Firwat? Dat weess bis haut nach kee richteg. Dobäi hunn si keng **Decisioun** ze huelen, scho guer net esou eng 'ubuesk'. D'Madame Minister wier net schlecht beroden, wann si hir Entscheidung nach eng Kéier zerguttst giff iwwerdenken... vläicht no enger Ofstëmmung vun ALLEN Däitschprofesseren. Well déi Saach ass wierklech traureg! ■ L.R.

stauteg

... ass eent vun deene ganz ville Wieder, bei deene mir net onbedéngt drun denken, dass et am Fong Franséisch ass. Datselwecht fanne mir an eisem typeschen Ausdréck **'Stot, de Stot maachen'**... mä et kënnst vu ganz wäit aus dem laténgesche 'status' an dem Verb 'stare (stoen)', dat mir och am Däitsche begéien, grad ewéi 'Staat'; denkt un d'*Statute* vun engem Veräin, oder un eng 'Statue'. Am Franséischen – vun deem de Proust iwregens seet (*que ce) sort des bouches gauloises qui prononcent de travers le latin ou le saxon* – huet et sech bis op 'état' gedréint (Zoustand), natierlech och op 'État (Staat)'; wat ass 'state' am Engleschen dann anescht?... en intressant 'Wuertfeld'.

Am Lëtzebuergeschen hu mir e besonnesche Gebrauch aus deem Wiederkerfchen: Wann een net grad gutt opgeluecht ass, da soe mir, hien hätt **eng Staut**; kënnst dat méi dacks vir, dann heescht et, hie wier **'stauteg'**... 100 % typesch fir eis Sprooch; den Ausdréck 'Stot' läit am selwechte Streech! Da muss mir **Staut/stauteg jo net mat 'Laun/launig' ermëzelen, oder de 'Stot' mat Haushalt**. Oder? W.e.g., elo net eppes vun **'al, museal, normativ'** oder soss eppes grommelen... dat huet ewell laang de Baart vu frustréierte Granzerten. ■ ARO

EISES: 'eidel'

Datt d'Lëtzebuergesch op vill Fassongen **en eegent Sprooch-Liewe** féiert, kann een op munnech Manéiere beweisen. Ower net nëmme mat Gedanke-Gäng an engem Jargon, déi nëmme engem Linguist eppes soen.

Mir hu **kéipweis Ausdréck, déi dselwecht klénke wéi am Däitschen**... déi ower eppes anescht heeschen. Huel z. B. d'Wuert 'séier'; dat huet absolutt näischt mam däitsche 'sehr' ze dinn... an et hëlleft äis elegant iwweh dat houdäitscht 'schnell' ewech!

Wéi ass et mat 'eidel'? Et gläicht deem däitschen 'eitel'; am Englesche begéine mir et, genee d'nämlecht ausgeschwat: 'idle'. Déi zwee Wieder hunn ower glat näischt mat eisem Ausdréck 'eidel' ze dinn; do heescht dat dach 'leer' resp. 'empty'. Och am Nidderlänneschen ('leeg'), am Franséischen ('vide'), Italiéneschen ('vuoto') asw. gitt dir ëmsoss no engem Glach sichen!

Op eiser **UniLu** hätt *d'Luxemburgistik* eng wonnerbar Geleeënheet, sech mat deem 'gelungene (!)' Phenömän ofzeginn, als ee vun de Bewäiser fir d'Existenz vun deem Fach. Dat kënnen d'Lieser vun der KLACK ower och ganz kamoud mat dem **Buch 'EISES 100 % – 80 % – 60 %'**, dat an all guddem Bicherbuttek (a bei äis) fir e puer Euro ze kréien ass. ■ AL